

## **Parascolaire Aktivitéiten vum SNJ**

### **Sanitært Konzept**

Versioun vum 26.03.2021

Déi an dësem Dokument beschriwwen Sanitär Mesure riichten sech un ausserschoulesch Aktivitéiten déi vum Service national de la jeunesse organiséiert ginn.

#### **RESUME VUN DE MOOSSNAMEN**

- Allgemeng Maskepflicht bei den Aktivitéiten.
- Déi maximal Gréisst fir Gruppen ass op 10 Participanten pro Aktivitéit a pro Sall festgeluecht.
- Wa méi wéi Gruppen op engem Site sinn funktionéieren se getrennt vun enaner.
- Gruppen, déi bei Aktivitéiten zesummen iessen dierfen zu maximal 4 Persounen un engem Dësch sëtzen.
- Et gi méiglechst vill Aktivitéiten dobausse gemaach an Aktivitéite mat Kierper Kontakt gi vermieden.
- Promotioun vun de Hygiènerregelen.
- Et ginn detailléiert Instruktiounen fir d 'Responsabel an d 'Animateuren.

Dës Moosnamen baséieren sech op :

- d'Recommandatiounen vum Ministère de la Santé vum 11. Januar 2021 (« Recommandations sanitaires à l'attention des animateurs et formateurs d'activités d'éducation non-formelle pour enfants et jeunes »),
- d'Consignen vum Ministère de l' Education nationale de l' Enfance et de la Jeunesse vum 22. Februar 2021 (« Consignes dans le contexte de l'animation socio-éducative »)

## **DETAIL VUN DE MOOSSNAMEN**

### **1. Maskepflicht**

Et gëllt grondsätzlech Maskepflicht.

### **2. Gruppegréisst bei Aktivitéiten:**

Déi maximal Gréisst fir Gruppen ass op 10 Participanten limitéiert.

### **3. Aktivitéiten, Spiller, Fräizäit:**

Aktivitéiten, Spiller a Fräizäit sollen wa méiglech baussen ofgehalen ginn a Kierperkontakt esou gutt wéi méiglech évitéiert ginn.

Et soll évitéiert ginn Material tëscht Persounen weider ze ginn oder ze tausche respektiv soll d'Material dertëscht desinfizéiert ginn.

### **4. Formatiounen:**

An de Formatiounsraum mussen d'Participanten:

Bis 10 Persounen eng Mask droen an eng Distanz vun 2 m anhalen

Bei méi wéi 10 Persounen mussen d'Participanten zousätzlech zur Mask an zu den 2 m Distanz och setzen.

### **5. Iessen, Kachen:**

Et dierfe beim Iessen maximum 4 Persounen un engem Dësch setzen. Soulaang een op senger Plaz setzt muss ee keng Mask unhunn, soubal een opsteet muss een se erëm undoen.

Beim Kachen, Spullen a bei der Iessensausgab gëllt Maskepflicht.

Beim Kachen a bei der Lagerung vun Iesswueren muss sech un déi allgemeng HACCP-Virschräfte gehale ginn.

Benotzte Kichematerial, Iessbesteck a.s.w. mussen an der Spullmaschinn oder mat waarme Waasser a Spullmëttel gespult ginn.

D'Arbeitsflächen an de Kichen an d'Iessdëscher mussen no all Benotzung propper gemaach an/oder desinfizéiert ginn.

### **6. Schlofräum, Iwwernuechtungen:**

Iwwernuechtungen sin aktuell net erlaabt.

## **7. Hänn Wäschen / Desinfizíieren:**

Et muss ee sech regelméisseg (tèschent den Aktivitéit, virum lessen...) seng Hänn wäschen oder desinfizíieren.

D'Encadrantën sollen d'Participanten regelméisseg dorun erënneren.

Déi néideg Produiten müssen dofir vum Gérant vun der Infrastruktur zur Verfügung gestallt ginn, fält op dass eppes feelt ass et um Responsabelen dëst ze mellen an och ze kontrolléieren dass et geliwwert gëtt.

## **8. Infrastrukturen :**

Bei all Infrastruktur gëlle spezifesch Regeln wat d'Benotze vun de Reim ugeet (z.B: maximal Zuel vu Leit an engem Sall, ...). Dës Regeln sinn esou, datt d'sanitært Konzept ëmgesat ka ginn.

Dës Regele müssen deem ganze Grupp bekannt sinn an déi Responsabel passen op dass sech dru gehale gëtt.

## **9. Botzen:**

D'Infrastrukturen müssen all Dag gebotzt ginn. D'Sanitären an d'Points de contactën müssen regelméisseg (op mannst eemol den Dag) gebotzt oder desinfizíiert ginn.

Op de Grupp selwer oder eng Botzfirma botzt muss am Virus festgeluecht ginn. Soll de Grupp selwer botzen müssen déi dofir néideg Produiten vum Gérant vun der Infrastruktur zur Verfügung gestallt ginn.

Déi Responsabel hunn ze iwwerpréiwen dass de Botzplang agehalen gëtt.

## **10. Lüften, Ventilatioun:**

All benotzte Raim müsse regelméisseg geléft ginn.

Goufe Fënsteren esou entriegelt dass een se grouss kann opmaachen, dierf dat just ënner Opsicht vun engem Erwuessenen geschéien.

Baussendiere vu Gebaier dierfe fir ze Lüften blockéiert ginn, Bannendieren mat engem automateschen Türschliesser dierfen grondsätzlech net blockéiert ginn.

## **11. Verdacht Covid 19:**

Weist eng Persoun Symptomer muss dës Persoun vum Grupp isoléiert ginn an vum Site ofgeholl ginn. Bis déi Persoun ofgeholl gëtt muss se an engem dofir virgesinne Raum waarden.

All Virfall muss direkt der Usprichpersoun beim SNJ gemellt ginn.

## **12. Tracing:**

Fir den Retracage ze vereinfache muss all Grupp eng Lëscht ausfëlle mat de Nimm an den Donnéeën vun alle Participanten. Dës Lëscht muss de Responsabelen un den SNJ schécken. D'Lëschte vun de Gruppe gi vertraulech fir 15 Deeg gehalen an duerno zerstéiert.

## **13. Affichage:**

Affiche fir ze sensibiliséieren (Gestes barrières, richteg Hänn wäschen..) sinn um ganze Site ausgehaangen.

## **14. Personal SNJ :**

D'Personal vum SNJ kennt d'Concept sanitaire an ass sensibiliséiert op d'Anhalen opzepassen. D'Verhaltensregelen an d'Organisatioun vum Personal sinn an enger Note interne festgehal